



FRÄIE MIKRO

An elo kënt och nach d'Civitas op Lëtzebuerg ...

18. Abr 2023 - 10:00

Am Fräie Mikro vun haut mécht de Bob Reuter, President vun AHA Lëtzebuerg, der Allianz vun Humanisten, Atheisten an Agnostiker zu Lëtzebuerg, sech Suergen doriwwer, datt sech eng kathoulesch integristesch Gruppéierung, Civitas genannt, amgang ass sech zu Lëtzebuerg ze etabléieren a warnt virun de falschen Heilsverspriechen, déi vu Guruen aus hirem Ëmfeld verbreet ginn.

Bob Reuter / II

Bob Reuter, President vun AHA Lëtzebuerg (Foto: Archiv)

 Lauschteren

Ech hu laang gezéckt fir dëse Bäitrag ze maachen, well ech domat ongewollt Reklamm fir eng Gruppéierung maachen déi à l'Opposé ass vun all dem firwat mir als Humanisten, Atheisten an Agnostiker stinn. Mee well mir eis fir Oplklärung a géint Obskurantismus asetzen, kann ech eng rezent Entwécklung net onkommentéiert loossen: CIVITAS etabléiert sech grad zu Lëtzebuerg.

Wat ass dat iwwerhaapt fir eng Organisation?

Et ass eng kathoulesch integristesche Gruppéierung, déi sech bis elo haaptsächlech an de frankophone Länner wéi Frankräich, Belsch a Schwäiz entfaalt huet, mee net nëmmen do... wéi ee lo gesäit. Op hire Social-Media Säite gëtt géint alles net-chrëschtliches gebashed a geduddert. Et geet vun de Judden iwwer d'Fräimaurer bis zur LGBTQ-Community. Déi eng wéilten d'Welt dominéieren an hiren New World Order duerch ee Great Reset duerchboxen an déi aner géifen de Leit Flausen an de Kapp setzen, vum fräie Liewen an Zesummeliewen, a besonnesch déi aarme Fraen a Kanner domat total pervertéieren. Et gëtt vun enger "lutte totale contre la mondialisation" geschwat a vun enger Sich nom "pays réel". Do fillt ee sech direkt un däischter brong Zäiten erënnert. Dat gëtt nach verstärkt duerch nationalistesch Fändelen, rietsradikal Symboler an Uspillungen un d'Kräizzichritter an un de "combat eschatologique" oder de bibleschen Endkampf tëschent dem Gudden an dem Béisen, dee propheet gëtt.

Et handelt sech ëm méi wéi e puer vereenzelt Léit. Wann een e bësse recherchéiert, da stéisst een op Videoe vun enger Versammlung an engem Lëtzebuurger Hotel. Verschidde Léit déi een do gesäit, ware bei der faméiser parlamentarescher Unhéierung dobäi, wou och de bekannten Nobelpreisträger Luc Montagnier opgetrueden ass. A ronderëm verschiddener vun deenen, déi och dem Anti-Vaxx Mouvement zougezielt kënnen ginn, kreéieren, verstärken oder institutionaliséieren sech divers politesch Mouvementer, déi dem rietspopulistesche bis riets-extreme Milieu zougerechent kënnen ginn.

Wisou sollt eis dat beonrouegen a wou ass hei den Oplklärungsbedarf?

Hei si verschidde Perséinlechkeeten, déi fréier als unerkannte Fuerscher tätég waren, mee sech elo als allgemeng Experten ausginn a sech guruméisseg als Autoritéitspersounen, wäit iwwer hir eigentlech Expertise eraus, och iwwert Soziales, Politik a Gesellschaft ausloossen. Mee hir Autoritéit, symboliséiert duerch en eloquenten Discours an ënnermauert vun engem Doktertittel virum Numm, mécht d'Paart wäit op fir Manipulatioun am groussen Stil. Et ginn absolut, total Wourechte mam Zoppeläffel zerwéiert a genossvoll vun de "Groupien" geschléckt a weider verbreet.

Do musse mir Alarm schloen. Do kënnen mir net wechkucken, mee mussen drop opmierksam maachen. Well net wéineg Leit falen op Heilsfiguren ran, deenen se blannemännerches, ouni ze iwwerleeën oder Saachen a Fro ze stellen, total follegen an nolafen. An dat ass immens geféierlech.

Mam Zil fir déi öffentlech Debatt ze fërderen, invitéiert de radio 100,7 am Fräie Mikro Leit aus der Zivilgesellschaft fir aktuell Theemen ze kommentéieren. De Fräie Mikro ass e Gaaschtbäitrag mat [Richtlinnen](#), am Respekt vun eisem [Cahier des Charges](#), ënner der finaler Responsabilitéit vum radio 100,7.

An der Mediathék:

[Fräie Mikro](#) / 18. Abr 2023 - 07:47 / Bob Reuter

Lauschteren